Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

# Trëppeltour am Wanter

**Kontext :** E Scout ass am léifsten dobaussen an der Natur. Fir dass et him net ze kal gëtt, passt en Trëppeltour perfekt derbäi. D'Pausen tëscht dem Trëppele sinn deemno och de passende Moment fir Spiller an Aktivitéiten. Awer och wärend dem Wandere kann ee seng 5 Sënner ophalen a seng Schrëtt spilleresch zréckleeën. Sou mécht et méi Freed.

Jee no Corona-Situatioun muss ee Ruddel a méi kleng Ekippen ënnerdeelt ginn.

Dir kënnt d'Aktivitéiten dem Naturkader upassen (Stad, Duerf, Bësch, Felder, Floss, ... )

Hei ass eng Lëscht vun Iddien, wou dir Iech drun inspiréiere kënnt, an esou en Trëppeltour vun enger Stonn oder opgedeelt op méi Versammlungen op d'Mooss zesumme stelle kënnt. D'Annexe kënnt Dir rausprinten (et gëtt en Word-Versioun dovun); et brauch ee soss kaum Material.

| | |
|---|---|
| De Kierper | • **Beemche wiessel dech:** Dat ass e Fänkjesspill fir am Bësch oder am Park. All Wëllefchen stellt sech bei een (aner) Bam.<br>Deen, dee fänke muss, steet tëschent de Beem. Hee rifft: "Beemche wiessel dech". Doropshi leeft all Kand bei een anere Bam (also net bei säi leschte Bam zréck). Deen, dee fänkt, probéiert och e Bam ze fannen. Dee leschte Spiller, deen iwwreg bléift, muss lo fänken.<br><br>• **Verstoppjes:** (ouni Erklärung), vläicht just mam Tipp, dass hanner dem Bam besser ass wéi virum Bam 😉<br><br>• **Blann Beweegungen maachen:** d'Wëllefcher stelle sech op enger sécherer Plaz (Spillplaz, Feldwee) 2 Meter auserneen, an hunn d'Aen zou/verbonnen. De Chef gëtt Uweisungen, wéi si sech beweege sollen (souvill Schrëtt no l/r/v/h, ee ganzen/hallwen Tour dréinen, x mol sprangen, wéi ee Clown maachen, de Kapp rop a rof beweegen, ... ). Sou laang bis d'Wëllefcher theoretesch neess hir Startpositioun erreecht hunn. Dann duerfe si d'Aen opmaachen, a kucken, wou si tatsächlech stinn.<br><br>• **Komm mat / Laf fort:**<br>D'Wëllefcher stinn an engem Krees a maachen hir Aen zou. Ee Fräiwëllegen ass bausse vum Krees, trëppelt ronderëm a klappt dann engem Wëllefchen deen am Krees steet, op d'Schëller. Dobäi seet hien entweder: „Komm mat" oder „Laf fort".<br><br>Falls hien „Komm mat" seet, muss deen anere Wëllefchen aus dem Krees hannert him hir lafen a probéieren hien ze fänken. Falls him dat geléngt, stellt de Wëllefchen sech |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

<table>
<tr><td></td><td>
zeréck an de Krees, an dee Fräiwëllege vu virdru muss nach eng Kéier ronderëm de Kreess goen an een neit Kand op d'Schëller klappen. Falls dat him net geléngt an deen aneren ass virun him op senger Plaz am Krees, dann ass et lo un him fir ronderëm de Krees ze goen, an ee vun deenen anere Wëllefcher ofzeklappen.
Falls hien awer „Laf fort" seet, muss deen anere Wëllefchen an déi aner Richtung ronderëm de Krees lafen, an da gëtt gekuckt wéi ee Wëllefchen als éischt erëm zeréck op där entspriechender Plaz am Krees ass.
Deen anere Wëllefchen tréppelt da rëm ronderëm de Krees a sicht sech een eraus, deem hien op d'Schëller klappe kann. A sou geet et weider, bis (am Idealfall) all Wëllefchen eemol dru war☺!
</td></tr>
<tr><td>De Geescht</td><td>
<ul>
<li>Bingo: bei Bingo geet et drëm, fir aus enger Tabelle 4x4 oder 5x5 déi Saachen duerchzesträichen, déi ee gesinn oder héieren huet. Ween eng Rei (Linn, Kolonne, Diagonal) voll huet, ass ee vun de Gewënner.<br>Variatiounen:
<ul>
<li>Bësch-Bingo: mat Saachen, déi een am Bësch gesäit (Annexe 1: 4 op 4 Casen, 7 verschidde Versiounen, wou just d'Dispositioun ännert)</li>
<li>Kuck-Bingo: wat een alles ënnerwee gesäit (Déieren, Schëlder, Gebaier, Gefierer, Leit, Beem a Blummen). Dës Tabelle kann un de Kontext ugepasst sinn.(Annexe 2: 2 voll Tabelle 5 op 5)</li>
<li>Gerochs-Bingo: do kann een entweder d'Géigestänn molen oder schreiwen (am beschten op Däitsch). Iddie sinn hei: Ofgasen, Hondsdreck, Blummen, Iessen, Pup, ... (heifir hu mir keng Tabell virbereet; einfach Tabellen aus Annexen 1 an 2 eidel maachen an nei befëllen).</li>
<li>Alternativ zu enger Bingo-Tabelle kann dëst Sichspill awer och eng einfach Lëscht mat enger Case fir unzekräize virun all Géigestand sinn.</li>
</ul></li>
<li>Eppes un enger Scène veränneren: dat kann z.B. e Wëllefche sinn, deen op enger Bänk sëtzt a mat engem Kamellepabeier spillt. Een aner Wëllefche kuckt sech dat gutt un, dréit sech kuerz em, déi aner veränneren eppes un der Situatioun, an deen éischte muss soen, wat sech geännert huet (z.B. de Kamellepabeier läit um Buedem, en huet d'Masque net méi un, ...).<br>Variatiounen: d'Scène muss net lieweg sinn. Et ka genee sou gutt no der Aktivitéit LandArt gespillt ginn.</li>
<li>3D-Lëscht: de Chef diktéiert, wat d'Kanner vu Saache sammele sollen. Am beschte gouf heifir awer schonn e Blat virbereet (Annexe 3 "Sammel-Liste", lenks Kolonne eng Zuel fir dass d'Kanner net wëssen, wat als nächst kënnt). D'Kanner mussen z.B. sammelen: eppes Schéines/Ellenes, eppes Bronges, eppes wat vun enger Planz kënnt, eppes wat an engem Joer net méi wäert do sinn, eppes Lieweges, eppes Doudeges, eppes Dreckeges, eppes Muusseges, eppes Eekleges, eppes Raues, ... (et dierf ee puer mol dat selwecht benotzen,</li>
</ul>
</td></tr>
</table>


awer et ëmmer nees nei siche goen).

- **Wierderketten (to Go):** ee Kand seet en zesummegesate Wuert, dat nächst Kand muss mam 2. Wuert dovun en neit Wuert bilden, an et neit Schlusswuert drunhänken. z.B. Ruck-sak, Sak-Duch (dat ass en Nueschnappesch), Duch-...

- **Wie sinn ech? (to Go):** et kritt een e Post-it op d'Stier gepecht, wou e Géigestand aus der Natur drop steet (z.B. Hütt, Dachsbau, Bierk, Margréitchen, Igel, ... ) an et muss ee roden, wien een ass. Erlaabt sinn nëmme Froen, déi ee mat Jo oder Nee beäntwerte kann. Soubal een en Nee als Äntwert kritt, dierf dat nächst Kand seng Froe stellen.

- **Beemskulpturen (to Go):** wee kann an den Äscht (déi jo hir Blieder verluer hunn), Figuren, Gestalten oder Skulpturen erkennen?

- **Naturquiz:** de Chef huet eng Lëscht mat Fakten (Annexe 4), déi entweder wouer oder falsch sinn. D'Kanner stellen sech entweder bei de Bam oder bei de Wee jee no richteg oder falsch. Duerno gëtt opgeléist.
  **Variatioun als Fänkjes :** De Ruddel gëtt an 2 gedeelt. Déi 2 Gruppen hu jeweils eng Linn hannert där si net méi gefaange kënne ginn. Um Ufank stinn déi 2 Gruppen sech Réck u Réck. Déi éischt Grupp representéiert déi falsch Fakten, déi zweet Grupp representéiert déi richteg Fakten. De Chef erzielt ee Fakt. Wann de Fakt richteg ass, muss deen zweete Grupp (richteg Fakten) deen éischte Grupp (falsch Fakten) fänken. Wann de Fakt falsch ass, muss den éischte Grupp (falsch Fakten) den zweete Grupp (richteg Fakten) fänken. Dee gefaange gouf, dee kënnt an den aner Grupp. Dat geet esou weider bis d'Fakten all gesot goufen. Dee Grupp déi zum Schluss am meeschte Leit huet, ass gewonnen.




- **Déierespueren:** sech am Bësch ëmkucken, ob een Déierespueren (also den Ofdrock vun der Patt), e Bau vun engem Déier, e Vullennascht, oder soss en Zeechen, dass en Déier do war (ugeknabbert Beem, Exkrementer (z.B. där mat Kären), Fiederen, ... ). Wann ee keng Ofdréck fënnt, da bleiwen d'Trockenübungen um Pabeier (Annexe 5).
  **Variatioun**: et kann een och eng Spuerefal leeë fir bewosst Spueren anzefänken, z.B. eng Fläch vun engem Quadratmeter déi ee propper a riicht mécht. Da gesäit een d'Spuer besser.



| | |
|---|---|
| Dat Soziaalt | • **Sangen (to Go):** z.B: "1 km à pied", awer och de ganze Repertoire vu Scoutslidder ... "Wou d'Scouten zesumme sinn", "Héich de Bockel voll Gepäck", "Fei Leit ginn ze Fouss", all Variant vun "A wann et reent", ...<br><br>• **Opstellen:** d'Wëllefcher kréie vum Chef eng Aufgab no wéi engem Critère si sech sollen opstellen: z.B. der Gréisst no, dem Alter, der Unzuel vu Geschwëster beieneen, dem Mount an deem ee gebuer ass, an alphabetescher Reiefolleg vum Virnumm, ...<br>  • **Variante**: wann net Grad Upak-Verbuet besteet, kann déi ganz Aufgab och op engem (emgefale) Bamstamm sinn. |
| D' Gefiller | • **Dem Bam en Emoji opmolen:** am Fong zwee Emojien: deen een, wéi ee sech virstellt, wéi et dem Bam am Moment geet. Deen zweete fir dem Bam ze weisen, wéi et engem selwer grad geet. Deenen aner Wëllefcher aus der Grupp seng Emojie weisen.<br><br>• **Streckenabschnittsmimiken:** de Chef mécht e "Stëmmungsdiktat": 10 m traureg goen, 10 m frou trëppelen, 10 m rosen trëppelen, ... Fro, ob een dat mat Mask bei denen aner erkenne kann ... duerno kann een déi selwecht Aufgabe mat Kaméidi widderhuelen (kickelen, kräischen, fluchen, ... ). |
| Dat Spirituellt | • **Geschicht:** De klengen Zauberer a säi Frënd (Annexe 6).<br><br>• **Back in time:** der Natur nolauschteren, op ee Bam/Gebai kucken, a sech virstellen, wéi et virun 100 Joer do ausgesinn huet, wéi et geroch huet, wéi d'Leit matenee geschwat hunn, iwwer wat d'Leit geschwat hunn, wéi d'Kanner ugedoe waren, wat dee geschafft huet, deen am Nopeschhaus wunnt, mat wat een als Kand gespillt hätt, ob een säin aktuelle Virnumm hätt, ... (de Wëllefcher ëmmer bëssen Zäit fir ze iwwerleeë ginn)<br>  • Zousaz: all Kand dierf een Aspekt dovun opmolen an deenen aner duerno erklären, wann et well<br>  • Variante 1: **Back in Summer**: Froen änlech wéi am Ufank, mä ebe wéi et am Summer wuel do ausgesäit, richt, wat een am Summer do schonn alles erlieft huet, mat wiem een do war, wat een nach alles do kéint maachen, ...<br>  • **Variante** 2: (fir an engem Bam/Bësch) e Bam fannen, wou eppes dra geritzt ass, a sech dann eng Geschicht dozou ausdenken (wien, wéini, wéi, firwat, geet dat jee aus dem Bam senger Schuel raus, ...)<br><br>• **Zitater op Ziedelen:** (Annexe 7)<br>Déi kann een zum Beispill op Beem ophänken, d'Wëllef gi se zu 2 an 2 sichen, a probéieren, zesumme erauszefannen, wat se bedeiten. Et kéint och mat engem Chef beschwat ginn. Dës Aktivitéit ass éischt fir eeler Wëllef oder Avex geduecht. |

Wéi bei der neier Method vum RAP probéiere mir d'Aktivitéiten op 5 Schwéierpunkten ze baséieren.


Material: Kräid, verschidde virbereete Blieder (an den Annexen), eventuell e Blat a Stëfter fir all Kand.



# Annexen (all Annexen ginn et och als Word-Versioun)











**Annexe 1: Bëschbingo** (am Word fënnt een heivun 7 verschidden Dispositioune vun dene 16 selwechte Biller)








| | | | |
|---|---|---|---|
|  |  |  |  |
|  |  |  |  |
|  |  |  |  |
|  |  |  |  |




**Annexe 2: Schatzsuche-Bingo** (méi neutrale Kontext wéi just Bësch. Wann Dir et RV print, hutt Dir vir an hanne jeeweils ee Bingo).





STOP





©www.ClipProject.info







www.kostenlose-ausmalbilder.de

MOON AND STAR



Annexe 3:

# Sammel-Liste

| | |
|---|---|
| 1 | |
| 2 | |
| 3 | |
| 4 | |
| 5 | |
| 6 | |

## Annexe 4: Natur-Quiz / Fakten über die Natur

(Hei sinn d'Fakten no Richteg a Falsch sortéiert. Wann Dir se mat de Wëllefcher maacht, dann onbedéngt mëschen. Zum Schluss vun all Lëscht stinn nach Fakte mat Erklärungen derbäi. Eng 10 Fakte ginn duer.

**Richtige Behauptungen:**

- Bananen wachsen aus einer Staude heraus, die nach unten zeigt. Um wachsen zu können, benötigen sie aber Sonnenlicht – wie alle anderen Früchte auch. Aus diesem Grund biegen sich Bananen nach oben, dem lebensnotwendigen Licht entgegen. **R**
- Der absolute Großteil des Regens – nämlich 90 Prozent – trifft unsere Meere. Wir bekommen auf dem Land nur einen sehr geringen Teil ab. **R**
- Pro Sekunde gibt es weltweit etwa 100 Blitze. Nur zehn davon schlagen aber tatsächlich auf der Erde ein. **R**
- Manche Schmetterlingsarten haben mehr als 10 000 Augen, sehen aber dennoch schlechter als Vögel. **R**
- Elefanten benötigen nur zwei Stunden Schlaf pro Nacht und können sogar mehrere Tage ganz ohne Schlaf auskommen. **R**
- Zehn deiner Freunde auf dem eigenen Rücken tragen? Für Menschen unmöglich, doch es gibt Ameisen-arten, die das Zehnfache ihres eigenen Körpergewichts tragen können. **R**
- Auf unserem Blauen Planeten gibt es auch ganz schön viel Grün: Vier Milliarden Hektar Wald wachsen auf der Erde - das ist fast ein Drittel der weltweiten Landfläche. **R**
- Von den 1,6 Millionen bekannten Tier-, Pflanzen- und Pilzarten der Erde leben rund zwei Drittel in Wäldern. In keinem anderen Lebensraum ist die Artenvielfalt so groß. **R**
- Der höchste Baum der Welt wächst im Redwood- Nationalpark im US-Bundesstaat Kalifornien. Der Riesen-Küstenmammutbaum "Hyperion" ist rund 116 Meter hoch. **R**
- Säugetiere heißen so, weil bei ihnen die Babys bei den Müttern Milch trinken. So auch beim Menschen. Eierlegende Tiere wie Vögel und Fische sind keine Säugetiere. Ihre Babys trinken keine Milch, sondern werden gefüttert oder sind schon nach dem Schlüpfen so selbstständig, dass sie selbst nach Nahrung suchen können. Eine Ausnahme sind das Schnabeltier und der australische Kurzschnabeligel: Sie sind die einzigen Säugetiere, die auch Eier legen. Wahr oder falsch? **R** Das Schnabeltier und der Schnabeligel sind eierlegende Säugetiere. Sie sehen übrigens auch so aus, als hätte sich die Natur einen Aprilscherz erlaubt: Der Schnabeligel sieht aus wie ein Igel mit einem Schnabel und das Schnabeltier hat Fell, einen Entenschnabel und Schwimmhäute an den Füßen. Als Seeleute 1798 ein totes Schnabeltier aus Australien mitbrachten, glaubten die Wissenschaftler eines Londoner Museums zuerst, dass es sich um eine Fälschung handelt.
- Bei den Seepferdchen bekommen die Männer die Kinder. Wahr oder falsch? **R** Bei diesen Fischen spritzen die Weibchen den Männchen die Eier in die Bauchtasche. Dort werden sie vom Männchen befruchtet. Nach zehn bis zwölf Tagen zieht sich das Männchen dann zurück, um die Kinder zu gebären.
- Der europäische Alpensegler bricht im September zu seinem Winterquartier in Afrika auf. Er muss dafür sehr weit fliegen. Aber auch am Ziel angekommen, landet er nicht, sondern bleibt fast die ganze Zeit in der Luft, ein halbes Jahr fast am Stück. In dieser Zeit schläft er sogar beim Fliegen in der Luft. Wahr oder falsch? **R** Wissenschaftler sind sich tatsächlich ziemlich sicher, dass der Alpensegler in der Luft schlafen kann, und zwar während er fliegt. Allerdings verlangsamt sich der Flügelschlag in dieser Zeit. Auf der Erde ist

jedenfalls wenn überhaupt nur für sehr wenige Minuten. Bei Delphinen ist übrigens ebenfalls bekannt, dass sie beim Schwimmen schlafen können.

- Der Stirnlappenbasilisk, eine Echse aus Mittelamerika, kann über das Wasser laufen. Wahr oder falsch? **R** Der Stirnlappenbasilisk kann schnell über das Wasser laufen, weil sich unter seinen Füßen Luftblasen bilden, die verhindern, dass er untergeht. Deshalb werden die Tiere auch Jesus-Echsen genannt. Sie tun das aber nur, wenn sie auf der Flucht vor Feinden sind.
- Spinnen hören mit den Haaren an ihren Beinen. Wahr oder falsch? **R** Spinnen haben so etwas wie „Hörhaare" an den Beinen, die auf Schwingungen reagieren, auch auf die von Geräuschen.

**Falsche Behauptungen**

- Die Blindschleiche ist eine Schlange. **F**
- Der Specht klopft an den Baumstamm, damit man weiß, wo er sich befindet. **F**
- Der beste Freund der Feldmaus ist der Mäusebussard und der Fuchs. **F**
- Ein Kaninchen hat größere Ohren als ein Hase. **F**
- Der Mäusebussard kann nicht besonders gut sehen. **F**
- Im Sommer haben die meisten Pflanzen und Blumen ihre Ruhephase. **F**
- Aus Raupen werden später einmal Fliegen. **F**
- Alle Vögel fliegen im Herbst in Richtung Süden, um dort zu überwintern. **F**
- Rehe sind keine scheuen Tiere. **F**
- Der Löwenzahn blüht rot. **F**
- Eine Spinne bleibt selbst nicht in ihrem Netz kleben, weil sie an den Beinen eine spezielle Beschichtung hat, die verhindert, dass sie sich in dem klebrigen Faden verfängt. Wahr oder falsch? **F** Spinnen können sehr wohl in ihrem eigenen Netz hängen bleiben. Sie bauen die Netze aber so, dass sie zuerst ein Grundgerüst herstellen, das nicht klebrig ist. Erst danach spinnen sie die Klebefäden. Auf denen laufen sie aber nicht, sondern bewegen sich nur auf den nicht klebrigen Fäden hin und her.
- Der Narwal, der in der eisigen Arktis lebt, hat vorne an seiner Schnauze einen etwa drei Meter langen und spitzen Stoßzahn. Mit diesem spiralförmig gewundenen Eckzahn kann er die Eisdecke über dem Meer aufbrechen, um an die Oberfläche zu gelangen. Wahr oder falsch? **F** Vermutlich ist der lange Eckzahn ein Sinnesorgan, mit dem der Wal zum Beispiel die Wassertemperatur und den Salzgehalt des Meerwassers feststellen kann.
- Die Weibchen der meisten Tiefsee-Anglerfische tragen eine Art Angel an der Stirn. Damit fangen sie kleinere Fische, um sie zu fressen. Wahr oder falsch? **F** Tatsächlich ist diese Angel ein Leuchtorgan, das von sogenannten „lumineszierenden" Bakterien beleuchtet wird. Die Fische fangen damit keine Beute, sie locken sie aber damit an. Die leuchtende Angel wird vor das offene Maul gehängt – und die Beutefische schwimmen direkt hinein.


E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL Banque Internationale à Luxembourg 1856

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

## Annexe 5: Déierespueren

Eventuell de Foussofdrock als éischt separat weisen:

Duerno d'Déierspuer am Ganzen (d'Léisungen einfach no hannen ëmdiebelen oder an eenzel Käertercher schneiden fir dass d'Wëllefcher se mussen zouuerdnen):



**Annexe 6: Geschicht**

## De klengen Zauberer a säi Frënd

*(fräi Iwwersat no der Geschicht „Der kleine Zauberer und sein Freund" vum Gina Ruck-Pauquet)*

Um Enn vum Bësch an engem einfachen Haus, do wunnt e klengen Zauberer. Eigentlech geet et him ganz gutt, an hien huet alles wat hie brauch, a wann him eppes feelt, dann zaubert hien et sech eben.

Et ass Hierscht, an den Zauberer sëtzt op engem Steen a kuckt de faarwege Blieder no, déi vun de Beem falen. Hien hat sech grad en Apel opgeraf an hie genéisst déi lescht Sonnestralen. „Wéi schéin ass et dach" denkt hien, „mee et wier nach alles méi schéi wann ech ee Frënd hätt mat deem ech mäin Apel deele kéint." „Jo" denkt hien „ech well en Frënd hunn mat deem ech alles deele kann."

An den Zauberer mécht sech op de Wee a Richtung Duerf fir en Frënd ze sichen.

No beim Duerf, beim Bauer an der Wiss do steet eng Kou, déi am gaang ass gemittlech ze friessen. „Hei du," rifft den Zauberer „wëlls du mäin Frënd ginn, ech zauberen dir och alles wat's du wëlls, du kriss och ëmmer frësch Gras." D'Kou kuckt ganz belemmert dran, si muuht eng kéier ganz haart, dann dréint si dem Zauberer den Hënneschten dohinner, si mécht en décke Kouflapp an d'Wiss a geet hirer Wee. „ Ok" denkt den Zauberer „dat war wuel näischt, ech sichen mir einfach en anere Frënd."

An do op der Mauer an der Sonn do läit laang gestreckt eng Kaz. „O jo, eng Kaz dat ass flott, déi kann een heemelen a mat hir schmusen. Komm Pussi, komm, ech well däi Frënd ginn. Ech fänken dir och ëmmer Mäis an du kanns bei mir am Haus beim gudde waarmen Uewe leien." Miauu, Miauu, mécht d'Kaz, a wéi den Zauberer se wollt heemelen, du huet si hie mat hirer Patt duerch d'ganz Gesiicht gekraazt. „Ups, dat war wuel näischt" mierkt den Zauberer, awer hie gëtt net op.

Wéi hien an d'Duerf kënnt, do leeft e Mupp fräi ronderëm. „O jo, en Hond dat ass e bessere Frënd. Komm Muppi, komm, ech well däi Frënd ginn, du krissoch ëmmer Wirschtercher, a bei mir do ass et schéin." Wuff, wuff, de Mupp fänkt un ze knuren, a billt ganz haart, an den Zauberer kritt richteg Angscht a leeft ganz séier fort. „Ups, dat war wuel näischt," denkt den Zauberer.

A wéi hien ganz ausser Otem an déi aner Strooss koum, do gesäit e Kanner, déi do mam Ball spillen. „He, kann ech matspillen, wëllt dir meng Frënn ginn?“ rifft den Zauberer. An d’Kanner kucken hie grouss un, „mir kennen dech jo guer net, kuck emol wéis du ausgesäis, a souwisou mir brauche kee méi, mir sinn zu genuch fir ze spillen“ a si loossen den Zauberer einfach stoen.

Traureg geet den Zauberer an säi Bësch zeréck, hie sëtzt sech op säi Steen an denkt, dass heen dann eben leng muss bleiwen. „O neen, wat sinn ech dach esou domm; ech ka jo zauberen, jo ech zaubere mir einfach ee Frënd.“ Hien hëlt säin Zauberstaf, hie mécht d’Aen zou, an e seet: „Hokus Pokus simsalabim, ech hätt gär ee Frënd!! Wéi hien d’Aen erëm opmécht a kuckt, du war näischt do. An hien zaubert nach eemol, hie mécht d’Aen zou: „Hokus Pokus simsalabim ech hätt gär e Frënd.“ A wéi hien elo op de Buedem kuckt, do war do eng kleng Eil. „Wat méchs du dann hei, wou kënns du dann hier?“ „ Ma du hues mech elo grad gezaubert.“ „ Hee, elo verstinn ech näischt méi, ech wollt dach e Frënn, wat soll ech da mat dir ufänken?“ „ **E Frënd kann een dach guer net zauberen, e Frënd muss ee gewannen, fir e Frënd ze fanne muss een säin Häerz grouss opmaachen.** Awer wanns du wëlls, da kann ech jo däi Frënd sinn.“ Den Zauberer war net ganz begeeschtert, „ok, mir kënne jo mol probéieren.“ An d’Eil ass iwwert sengem Kapp ronderëm geflunn. „Komm ech weisen dir de Bësch“. Si huet him Plaze gewisen, wou hien nach ni war. De ganze Mëtteg sinn si ronderëm geturnt, an d’Zäit ass nëmme esou verflunn. Et war keng Minutt langweileg mat der klenger Eil. A wéi et däischter ginn ass, du wollt d’Eil Äddi soen. „Wéi, du wëlls elo goen, elo wou et grad esou schéin ass? Mir sinn dach Frënn.“ An vun deem Dag un war den Zauberer net méi eleng. Hien hat d’Eil a säin Häerz geschloss, si ware gutt Frënn ginn.

## Annexe 7: Zitater

(D'Word-Versioun erlabt Iech, sälwer e Choix vun Zitater ze maachen).

Nur wo du zu Fuss warst, bist du auch wirklech gewesen. (*Goethe*)

Die Natur muss gefühlt werden. (*Humboldt*)

Blumen sind das Lächeln der Erde. (*Emerson*)

Blumen sind die schönen Worte und Hieroglyphen der Natur, mit denen sie uns andeutet, wie lieb sie uns hat. (*Goethe*)

Alles, was die Natur selbst anordnet, ist zu irgendeiner Absicht gut. Die ganze Natur überhaupt ist eigentlich nichts anderes, als ein Zusammenhang von Erscheinungen nach Regeln; und es gibt überall keine Regellosigkeit. (*Kant*)

Der beste Arzt ist die Natur, denn sie heilt nicht nur viele Leiden, sondern spricht auch nie schlecht von einem Kollegen. (*Sauerbruch*)

Wer möchte Leben ohne den Trost der Bäume? (*Eich*)

Das Publikum beklatscht ein Feuerwerk, aber keinen Sonnenaufgang. (*Hebbel*)

Die beste Medizin für die Leute ist ein freundlicher Mensch. (*Afrikanisches Sprichwort*)

Vertreibt die Natur – es wird Euch nicht nützen; sie kehrt im Galopp zurück. (*Philipp Destouches*, Schriftsteller)

Jeder dumme Junge vermag einen Käfer zu zertreten. Aber alle Professoren der Welt können keinen herstellen. (*Arthur Schopenhauer*, Philosoph)

Du wirst mehr in den Wäldern als in Büchern lesen. (*Bernhard von Clairvaux*)

Zu fällen einen schönen Baum,
braucht's eine halbe Stunde kaum.
Zu wachsen, bis man ihn bewundert,
braucht er, bedenk es, ein Jahrhundert. (*Eugen Roth*, Dichter)

Der kreativste Künstler ist die Natur. (*Andreas Tenzer*)

Tiere und kleine Kinder sind der Spiegel der Natur. (*Epikur)*

Die Natur muss gefühlt werden. (*Alexander von Humboldt*)

Die Natur ist die beste Apotheke. (*Sebastian Kneipp*)

Wunder stehen nicht im Gegensatz zur Natur, sondern nur im Gegensatz zu dem, was wir über die Natur wissen. (*St. Augustin*)

Der Mensch ist ein Teil der Natur und nicht etwas, das zu ihr im Widerspruch steht. (*Bertrand Russell)*

Wir müssen die Natur nicht als unseren Feind betrachten, den es zu beherrschen und überwinden gilt, sondern wieder lernen, mit der Natur zu kooperieren. Sie hat eine viereinhalb Milliarden lange Erfahrung. Unsere ist wesentlich kürzer. (*Hans-Peter Dürr* )

Die kleinste Bewegung ist für die ganze Natur von Bedeutung; das ganze Meer verändert sich, wenn ein Stein hineingeworfen wird. (*Blaise Pascal)*

Die Natur macht nichts vergeblich. (*Aristoteles*)

Quäle nie ein Tier zum Scherz, denn es fühlt wie du den Schmerz. (*Aesop*)

Wer sich mit der Natur verträgt, dem tut sie nichts. (*Henry Miller*)

Dieselben Naturkräfte, die uns ermöglichen, zu den Sternen zu fliegen, versetzen uns auch in die Lage, unseren Stern zu vernichten. (*Wernher von Braun* )

Während die Philosophen noch streiten, ob die Welt überhaupt existiert, geht um uns herum die Natur zugrunde. (*Karl Raimund Popper)*

Die Natur ist des Irrtums unfähig. (*Thomas Hobbes)*

Alles, was gegen die Natur ist, hat auf die Dauer keinen Bestand. (*Charles Baudelaire)*

Eine Schwalbe macht noch keinen Sommer. (*Aesop*)

Jedes Unternehmen, das so unrationell produzieren würde wie die Natur, wäre sofort pleite. (*Julian Huxley)*